

Quetschekraut-Sprooch?

vum Lex Roth

Dëslescht hu mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch dem **Emile Angel d'Sëlwer-Éiereplack** 'Dicks-Rodange-Lentz' fir seng Verdéngschter als Auteur an eiser Sprooch iwwerrecht. Den Här Angel – dir kennt hien ë. a. als 'Mil' mat sengen nodenkerleche Sketcher aus der WARTE – huet déi Dekoratioun héich verdéngt!

Och eis Press war un dëser klenger Feier an der Escher Gemeng intresséiert, an si huet sech deemno belueft. Ee Journalist konnt sech ower net enthalen, dem 'Mil' säi Lëtzebuergesch als besonnesch 'modern' dohinner ze schreiwen... fir et laanscht e sougenannt **«Quetschekraut-Lëtzebuergesch»** ze reiwen. Natierlech mécht dee Schreiwert sech et einfach: hie verallgemengert, nennt keng Beispiller a keen Numm... mir dann och net.

Mä wann een esou eng 'sippenhafteg-anonym-hannerwänneg' Behauptung an d'Zeilewelt setzt, da muss een och eng Grëtz Courage drënner mëschen! Wat ass da 'Quetschekraut-Lëtzebuergesch'? Ass dat, wann een 'an engem Stéck aplaz baussent' elo 'andauernd anstatt ausserhalb' schreift? Ass dat z. B., **wann ee sech Méi gëtt, fir datt aus dem Meedéier, dem Päiperlek, der Hierschtblumm, der Seejomes kee Maikäfer, kee Schmetterling, keng Herbstzeitlose, keng Ameis soll ginn?**

Vläicht wier et emol **net vu Muttwëll, wann deen 'neimoudege' Journalist äis giff verroden, wat hien dann elo als Énerscheid tëscht 'modernem' a 'Quetschekraut-Lëtzebuergesch' versteet.** Garantéiert giff him keng Zack (kee Spuerk!) aus der Kroun falen, wann hien sech Texter vum Marcel Reuland, dem Robert Bruch, dem Tit Schroeder, dem Pol Noesen, dem Pier Kremer, dem Norbert Weber, dem Fernand Hoffmann, dem Josy Braun an enger ganzer Schwadrull vun eise gudde Schreiwerte giff op de Leescht huelen.

Datt et nach ëmmer Leit gëtt, déi eis **Kultur einfach (a flappeg) mat Kachkéis, Bouneschlupp, Judd mat Gaardebounen... a Quetschekraut op een Träpplek stellen**, dat weist just, datt si Provënz- oder egal watfir Komplexer hunn. Wéi ass et dann – fir beim lessekascht ze bleiwen – mat eisem 'Pati', der Paschtéitchen, der Mousträip, dem Kuddelfleck, dem Kiermeskuch, de Stäerzelen, de Gebootschten, der Wäinzossiss, dem Ierzebulli, der Kiermesbritt asw.? Vun eiser Geschicht an eiser – fir eis 2600 qkm – erstaunlecher Kultur hunn der leider vill sech, och iwwer d'lessen eraus, nach net e sëllegen eragezun, soss wier hiren (intellektuellen) normale Respekt méi 'fiederfest'.

A propos 'Quetschekraut': Am Fong misst een Zeitungsmënsch mat enger zerguttsterter Allgemengbildung vläicht eng Grimmel doriwwer Bescheed wëssen, wéi dat genëssegt an éissegt Traditionen-Gebeess gemaach gëtt, dat äis soss esou gutt iwwer de Wanter bruecht huet! D'Quetschekraut ass eng kleng Konscht an zimlech vill Aarbecht (eis Sprooch och!). Et brauch een de richtege Kessel, wa méiglech am Koffer; 't däreft net ze schaarf ugekacht ginn; den Zocker an d'Kanëilescheeke mussen richteg doséiert sinn... 't muss iwwer dem Kache stonnelaang gedëlleg geréiert ginn... bis et eng bal schwaarz Faarf kritt. Déi kleng 'Tricken', déi d'Hausfraen nach dobäi kannen hunn, déi wëlle mir net verroden. Wann et gutt gekacht ass, net zevill 'modern' = ze séier/ze schëtzig/ze haseleg, dann hält d'Quetschekraut sech iwregens 'bis Jéngsterdag', an et kann esouguer mat schwaarzem Kaffi 'gëlangt' ginn.

An deem Sënn kënn ee friddlech mam Verglach vun der Quetschekraut-Sprooch averstane sinn... an näischt fir ongutt!

WALnëss...?

Datt Nëss eng natierlech-gesond Saach sinn, dat däreft esou lues jiddere wëssen; si hu beileiwen net nëmme Fett, mä eng ganz Rëtsch extra gutt natierlech 'Saache' fir eis Gesondheet. Ower: déi bëssen Nëss (an hir Beem!), déi mir nach ëmmer hei haten, hu bei äis och en Numm! Wat ass dann **en 'Nëssert, en 'Hieselter'?** Dat eent ass de Bam mat den 'décken- oder **Hackernëss**', déi aner sinn déi 'kleng- oder Hieselternëss'... do brauche mir also keng 'Wal-Hieselness'... et ass net wichteg, gell dir. Mä wat ass da scho wichteg? Vläicht d'**Afennëss**... ee vun den typesche lëtzebuergeschen Ausdréck, deer eis Sprooch der vill méi gemaach huet, wéi dacks an den (On-)Gedanke behaupt gëtt. Wa mir eise Kanner déi Nimm net matginn... da sinn se futsch a fort! ■ M.V.

...endlech!

Zënter op d'mannst 10 Joer gëtt hei an der KLACK gefléift, gegëmmert a gebiedelt, dem **Chrëschttag dach ëmgottesbiddeswëll säi griecheschen CH ze loossen**, aplaz dat Wuert mat K ze schreiwen. Wann net, da soll een och konsequent aus dem Christus e Kristus maachen, aus all Christian/Christiane e Kristian/Kristiane maachen. Musse mir dann all orthographeschen Tuttifrutti matmaachen, deen 'déi aner Säit' opgeféiert gëtt? Just esou Ausdréck wéi Chrëschttag, Photo solle mir verstännegerweis méi no bei hirer Wuerzel halen an net enger vermengter 'Vereinfachung' nolafen. D'Italiéiner an d'Spuenier haten an der Zäit eng reng politesch Ursach, fir alles aus hirer Schreif eraus ze puchen, wat un d'Griechen erënnere kënn; dat kann ee verstoen, ower domat hu mir näischt ze dinn. Hätte mir net besser, äis do méi no un d'franséisch, englesch an international Schreifgebräicher ze halen!

Wien dës Kéier an den Zeitungen opgepasst huet, deen huet – o Wonner! – bal nëmme méi de **Chrëschtmaart, de Chrëschtconcert, de Chrëschtbeemchen, de Chrëschtowend** fonnt. E grouse Merci un all déi, deene mir dat verdanken! Dëst Joer wëlle mir dann emol kucken, ob mir dee koppege **«Glühwein»** net op «waarmen oder gliddegen» ëmgedeft kréien... ■ P.W.



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Ceterum censeo... (17)

Eis Sprooch an der **Constitutioun/Verfassung ass keng 'Fändelerei'** wéi d'Wéitsche beim 'Tour de France' oder op engem Footballmatch mam Roude Léiw oder mat eiser Tricolore. D'Hauptgesetz vun engem Land um Fong vun de philosophesche Staatsprinzipien ass ze kucke wéi d'Fëllement vun engem Gebai: wann dat schwach ass oder falsch geplangt a gebaut, da kënnen och déi schéinsten Zëmmeren dat Ganzt net zerguttst zesammenhalen.

Mir hu – verstännegerweis! – nach ni verlaangt, eis Sprooch misst eng komplett offiziell EU-Sprooch ginn; mir kënnen äis och do op d'mannst déi zwou 'friem' Sproochen leeschten, déi mat Recht zu deene groussen EU-Sproochen gehéieren: Franséisch an Däitsch. Vun aneren hiren (d'meescht historiesch-politesche) Verbruetheete soll jiddereen halen, wat hie kann. Eis Sprooch an eiser Verfassung ass ower eng onbedéngt Condition fir d'Énersträiche vun eiser Souveränitéit, Identitéit a Respektabilitéit. Wien do dogéint ass, dee soll et haart an éierlech soen. Mir wësse genee wien... a kommen déi richteg Zäit och domat 'gefuer'!

Da probéiert emol!

Sengerzäit hat den Här Gaspard äis e Bréif geschéckt, an deem hie sech beklot huet, datt eist Buch EISES **nëmmen eng 'Lëscht vu Wieder'** wier, datt keng Explicatiounen dobäi stengen. Dat stëmmt. Ower mir wollte jo ganz bewusst keen Dictionnaire maachen. Et sollt eng Zort 'Rätselbuch' iwwer eiser typescher Ausdréck ginn, an zwar mat zwou Iddien dohannert:

1. Kennen ech deen Ausdréck? Kann ech en net och emol gebrauchen?
2. Kennen ech déi däitsch oder/an déi franséisch Iwwersetzung?

En etlech Beispiller, déi den Här Gaspard äis al Fro matgeschéckt huet, an hannendrun hu mir déi eventuell Explicatioun gesat:

schléi = net just dréchen, ower och net méi richteg fiicht (Wäsch)

éimeg = bal bluddeg gekraazt (cf. 'heima' fir Blut, am Griecheschen)

pësseg = vermengt, agebillt (och nach 'ampësseg'), «eng Pësseg schneiden»

treisch = de Contraire vu couragéiert oder haart; et ass natierlech Famill mat 'trei a brav'.

facheg = «dat facht no Mëscht»... et sténkt; mä et huet och nach aner Bedeitungen.

omelzeg = 'eeleren' (ower heemlegen) Ausdréck fir fläisseg, net liddreg

gaarzeg = ongesond gouereg (eng gaarzeg Kou)

Wa mir en Ausdréck nach net héieren hunn oder net kennen, da muss dat net heeschen, datt et deen net gëtt... oder datt en ze «al» wier; et ass e bëssen eng Fro vun 'unhuelen/Akzeptanz'. Et geet net domat duer, datt een an enger Sprooch nëmmen dat unhëlt, wat/wéi «d'Mamm gesot huet»! Grouss Sproochen hunn déi Chance, datt een se och all Dag schrëftlech begéint... an net nëmmen als «mëndlech Iwwerliwwerung».

'EISES 100 %–80 %–60 %...' an alle grouse Bicherbutteker... fir de Präiss vu knapps enger Portioun Spaghettien. An dir kënnst iech wonnerbar dobäi 'ameséieren'. ■ H.M.

Flouer- a Kadasternimm

Vrun ca. 25 Joer hat ech mir erlaabt, an enger klenger Gesellschaft eng zimlech bëssig Kritik vun eise **'verpreiste' Kadasternimm** ze maachen. Ouni ze wëssen, datt do e Beamten aus deer Administratioun geng sëtzen. Wat hat dee mech erhuuscht... a gestéppelt! Vläicht just dowéint hunn ech net méi lassgeloos. Haut hu mir dat formidabelt Resultat, datt aus de ronn 40000 Stroossen- a Flouernimm dee preisesche Wand aus dem 19. Joerhonnert eraus ass!



'auf der kleinen Höh' ass elo endlech 'op deer klenger Héicht'; aus dem 'untersten Grosfeld' guff dann dat 'ënnescht Groussfeld', an 'd'Kotzwiese' zu Wolz huet zugudderlescht 'd'Kouswiss/Kueswiss' erëmkritt... vrun allem ower, well en 'Décke' vum Kadaster äis eng Hand (= Hänn a Féiss, Begeescherung a Fläiss) ugepaakt huet, joerelaang: **den Här Éierendirekter Patrice Schonkert**. Hien huet eise Merci verdéngt, dee vun eise Kanner a Kandskanner, dee vun eiser Aarbecht a Méi fir d'letzebuergesch Identitéit: dofir huet de Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch eestëmmeg decidéiert, dem Frënd 'Pat' fir 2008 d'Éiereplack Dicks-Rodange-Lentz ze ginn!

An enger spezieller Brochure kënnst dir d'Resultat vun eiser Aarbecht (a Frëndschaft) an de Gemenge Leideleng, Mäerzeg, Sandweiler a Steesel (als 'Pilotgemenge') kréien. ■ L.R.

Eise Membren, eise Frënn, eise Lieser vun der KLACK wënscht de Comité vun der ACTIOUN-LËTZEBUGESCH fir 2008

Gesondheet, ZeFRIDDENheet...

an nach vill weider Schaltjoeren dobäi!